

LËSCHT
4

CSV

RËMELENG



MÉI NO. MÉI RËMELENG.

Eise Walprogramm / Notre programme électoral
2023 - 2029



ÄR EKIPP FIR RËMELENG.

LËSCHT
4



COPETTE Jean



DAKKAKI Houda



DZOGOVIK-
KURTANOVIC Alisa



HEBISCH Jean-Pierre



LANG-LAUX Francine



MORAIS Nuno



SCHELINSKY Monique



SCHLEGEL Sam



SEYWERT ép.
GUTENKAUF Karin



THEISEN André



TINTINGER Jérôme

rumelange.csv.lu



#TEAMRËMELENG

RËMELENG, TRAU DECH!



RËMELENG

D'CSV RËMELENG ASS PRETT!

Dir léif Wieler,

Rëmeleng trau dech, et ass endlech Zäit fir de politesche Wiessel.

Dëse Saz gëtt alles erëm wat mer an deene leschte Joerzénge hei zu Rëmeleng gelieft hunn. Déi absolut Majoritéit vun de Sozialisten déi de Wieler viru sechs Joer konnt brieche ass leider zimmlech onverännert weider gefouert gi mat der aktueller Koalitioun LSAP/KPL.

Dofir fuerderen ech iech op, liest eise Programm, maacht iech e Bild a gitt eis är Stëmm an dir gitt net enttäuscht.

D'CSV ass d'Lëscht 4, an et gi 4 gutt Grënn eis ze wielen:

- Eis 11 Kandidaten, 5 Fraen a 6 Männer, mat enger Altersmoyenne vu 50 Joer, sinn eng gutt Mëschung aus Erfahrung an Erneuerung.
- Mer sinn no beim Bierger, bei eis zielt jiddwereen, egal op kleng oder grouss, jonk oder al.
- Mer hunn en oppent Ouer, sichen no Léisungen an dat an alle Beräicher, d'Wunnen, d'Zesummeliewen, d'Veräinsliewen, d'Solidaritéit mä och d'Gestaltung vun eiser Stad.
- Zesumme si mer Team Rëmeleng, méi no, méi beweegen.

Den 11te Juni 2023 hutt dir, léif Wieler, et an der Hand aus Rëmeleng nees eng Gemeng mat Häerz ze maachen.

DOFIR ALL ÄR STËMME FIR D'LËSCHT 4, D'CSV, DÉI GRËISSTE VOLLEKSPARTEI.

Monique Schelinsky

Presidentin vun der CSV Rëmeleng



Chers électeurs et électrices,

Rumelange ait confiance, l'heure du changement politique est à portée de main.

Cette phrase reflète tout ce que nous avons vécu ici à Rumelange durant des décennies. Malgré que vous, les électeurs, vous ayez désavoué la majorité absolue des socialistes en 2017, ils ont pu continuer leur pouvoir inchangé en entrant dans une coalition malsaine avec les KPL.

Pour cette raison je vous invite à lire notre programme électoral, de faire le bon choix et de nous donner votre confiance en votant pour le CSV.

Le CSV est la liste 4, et voici 4 bonnes raisons de voter pour nous :

- Nos 11 candidats, cinq femmes et six hommes, ayant une moyenne d'âge de 50 ans, présentent un mélange équilibré d'expérience et de renouveau.
- Nous sommes proches de chaque citoyen, peu importe ses origines, du plus petit au plus grand.
- Nous sommes à l'écoute de chacun, en cherchant les solutions les plus adéquates dans tous les domaines, l'habitation, la vie commune, la vie associative, la solidarité et l'aménagement de notre commune.
- Ensemble nous sommes « Team Rumelange », plus proche, plus décidé.

Le 11 juin 2023, c'est à vous de faire le bon choix et de contribuer ainsi au renouveau de Rumelange.

TOUTES VOS VOIX POUR LA LISTE 4, VOTEZ POUR LES 11 CANDIDATS DU CSV

Monique Schelinsky

Présidente du CSV Rumelange

EISE PROGRAMM

1. Stadentwécklung: Wunnen, Infrastruktur a Mobilitéit	6
1.1. Wunnen	6
1.2. Infrastruktur	8
1.3. Mobilitéit	9
2. Veräiner, Kultur a Sport	11
2.1. Veräiner	11
2.2. Fräizäitport	12
2.3. Kultur	12
3. Schoul/Jugend	15
3.1. Schoul/Maison Relais	15
3.2. Jugend	15
4. Drëtten Alter	17
5. Soziales, Integratioun an Inclusioun	19
6. Ëmwelt- a Klimawandel	21
7. Handel, Handwierk an Tourismus	23
7.1. Handel	23
7.2. Handwierk	23
7.3. Tourismus	23
8. Gemengeverwaltung	25
9. Eng biergerno Gemeng	26
10. Sécherheet, Hëllef a Gesondheet	28
10.1. Sécher Liewen zu Rëmeleng	28
10.2. Hëllef a Gesondheet	28

rumelange.csv.lu – www.facebook.com/CSVRumelange.lu – [csv.remeleng](https://www.instagram.com/csv.remeleng)



NOTRE PROGRAMME

1. Développement urbain : logement, infrastructure et mobilité	7
1.1. Logement	7
1.2. Infrastructure	8
1.3. Mobilité	10
2. Associations, culture et sport	13
2.1. Associations	13
2.2. Sport de loisirs	14
2.3. Culture	14
3. École / jeunesse	16
3.1. École / Maison Relais	16
3.2. Jeunesse	16
4. Troisième âge	18
5. Questions sociales, intégration et inclusion	20
6. Changement environnemental et climatique	22
7. Commerce, artisanat et tourisme	24
7.1. Commerce	24
7.2. Artisanat	24
7.3. Tourisme	24
8. Administration communale	25
9. Une commune proche des citoyens	27
10. Sûreté, sécurité et santé	29
10.1. La vie en toute sécurité à Rumelange	29
10.2. Assistance et santé	29



#TEAMRÈMELENG

RÈMELENG, TRAU DECH!



RÈMELENG

1. STADENTWÉCKLUNG: **WUNNEN,** **INFRASTRUKTUR A MOBILITÉIT**

Rëmeleng brauch néi Wunnformen, iwweierdesch Parkhaiser, eng verkéiersberouegt Akafsstrooss a spezifesch Verbesserungen an der Mobilitéit.

1.1. Wunnen

- Wunnvirrecht fir d'Rëmelenger: Um Wanterfeld sollen déi jonk Rëmelenger Familljen d'Méiglechkeet kréien eng Wunneng ze baue respektiv ze kafen.
- Mobiliséierung vu Bauland an eidelstoende Wunnengen: D'Besëtzer vun eidelstoende Wunnenge solle mat Hëllef vun der „Gestion Locative Sociale (GLS)“ encouragéiert ginn abordabel Wunnengen ze schafen.
- Intergenerationellt Wunnen: D'Seniore solle bei den Demarchë gehollef kréie fir jonke Matbierger en Zëmmer an hirem Haus unzebidden. Esou schafe mer fir déi Jonk zu erschwéngleche Präiser zousätzleche Wunnraum a bidden eise Seniore Gesellschaft an Hëllef am Alldag un.
- Elo wou de rechtliche Kader et erlaabt muss éist Bautereglement an eisen PAG „Tiny Houses“ an eiser Gemeng erméiglechen.
- Seniorewunnengen am Zentrum.
- Studentewunnengen zu Rëmeleng fir den Unistandort Belval (Esch).
- Sozialwunnengen vun eiser Gemeng: Se brauchen eng energieeffizient Sanéierung.
- Cafészëmmeren: Illegal a gesondheetsschiedlech Locatioune vun Zëmmeren zu Wucherpräisser müssen ënnerbonne ginn.
- Eng kloer an transparent kommunal Prozedur fir d' Gemengewunnengen: D'Bierger sollen doriwwe opgekläert gi wat d'Krittäre si fir eng Gemengewunneng zur Verfügung gestallt ze kréien.
- Baugeneemegungen: Eng obligatoresch Kontroll fir dass d'Krittären agehale ginn an esou keng zukünfteg Streidereie méi opkommen.
- Proprietéitsverhältnisser vun den Terrainen zwëschen der Gemeng an de Privatleit sollen iwwehall gekläert ginn.



1. DÉVELOPPEMENT URBAIN : **LOGEMENT,** **INFRASTRUCTURE ET MOBILITÉ**

Rumelange a besoin de nouveaux types de logements, de constructions de parkings hors sol, d'une rue commerçante à circulation réduite et d'améliorations spécifiques dans la mobilité.

1.1. Logement

- Attribuer les parcelles de la future cité « Wanterfeld », prioritairement aux jeunes familles de Rumelange.
- Inciter les propriétaires de terrains constructibles et de logements inoccupés en collaboration avec la « Gestion Locative Sociale (GLS) », à créer des habitations abordables.
- Pour promouvoir la vie intergénérationnelle, il faudra faciliter aux personnes âgées de céder aux jeunes une chambre dans leur maison. Ainsi, il y aura plus de logements pour jeunes à prix abordable et les seniors, en ayant de l'aide, seront soutenus à participer plus facilement à la vie active.
- Le PAG et le règlement de bâtisse doivent être adoptés pour autoriser la construction de « tiny houses » à Rumelange.
- Prévoir des logements pour personnes âgées au centre de Rumelange.
- Revoir la faisabilité de création de logements pour les étudiants de l'université de Belval (Esch).
- Rénover les logements sociaux en vue d'acquiescer un passeport énergétique à basse consommation.
- Marchands de sommeil : interdire la location illégale de chambre de bistrot à des prix abusifs.
- Rédiger une procédure claire et transparente concernant les critères à remplir donnant droit aux logements communaux.
- Mettre en place une surveillance systématique et un suivi des travaux après autorisation de bâtisse pour éviter tout litige dans l'avenir.
- Propriété foncière : continuer à acter les ventes des petites cellules de terrains exploitées par les usagers adjacents.





1.2. Infastruktur

- Nei Parkingen: Zweek iwwerierdesch Parkhaiser an der Rue des Martyrs a nieft dem Kulturzentrum solle gebaut gi fir méi Parkméiglechkeete fir eis Bierger an d'Clientë vun eise Geschäfte. Den Auto gëtt esou aus dem Zentrum gehalen.
- Verkéiersberougend Grousstrooss: Machbarkeetsstudie fir e Shared Space vun der Kierch bis bei de Rond-point.
- Kulturzentrum: Renovatioun an Ausbau mat enger Kichen, engem moderne Proufsall fir eis Museken an engem Konferenzsall fir all eis Veräiner.
- Berenspark a Parc Fenderie: Revalorisatioun duerch Erhuelungsméiglechkeete wéi Ligestill, Dëscher fir Gemeinschaftsspiller an eng permanent Buvette, déi vun de Veräiner ka gelount ginn.
- Adaptéiert Beschëlderung am Duerf: Beschëlderung op déi wichtegst Plazen (Musée des Mines, Parc municipal, Parc Fenderie, Sportshal, Tréppelweeër, National Vëlospisten).
- Behënnertegerecht öffentlech Toiletten am Zentrum.

1.2. Infrastructure

- Nouveaux stationnements : construire deux parkings hors sol dans la rue des Martyrs et à côté du centre culturel pour créer des stationnements supplémentaires et décharger ainsi le centre-ville.
- Grand-Rue à trafic réduit : lancer une étude de faisabilité pour créer un espace partagé (shared space) de l'église au rond-point.
- Centre culturel : rénover et agrandir le centre culturel avec installation d'une cuisine, d'une salle de répétition moderne pour les associations de musique et d'une salle de conférence pour toutes les associations de Rumelange.
- Parc Berens (derrière la commune) et Parc Fenderie : revaloriser les parcs en installant des équipements récréatifs tels que bancs, chaises longues, tables de jeux communautaires et une buvette pouvant être louée par les clubs locaux.
- Une signalisation adaptée dans la ville : installer des panneaux de signalisation des lieux principaux (Musée des Mines, Parc municipal, Parc Fenderie, salles des sports, sentiers de promenade, pistes cyclables).
- Concevoir un endroit au centre pour installation de toilettes publiques accessibles aux personnes handicapées.



1.3. Mobilitéit

- Verkéiersberouegungsmoosnamen: Smart Luuchtesystemer an den Agäng vu Rëmeleng déi konsequent op rout schalte wann een d'Héchstgeschwindegkeet iwwerschreit.
- Routluuchtesystem: D'Rue Nic Pletschette brauch e Luuchtesystem, dass d'Autoe besser an d'Rue des Martyrs erausfuere kënnen.
- Zebraträifen mat integréierter Liichtreflekioun.
- National Zuchverbindung: Klimaneutralitéit zu Rëmeleng am Joer 2050 geet nëmme wann de Staat de Kayldall um nationalen Zuchreseau mat regulären Auerzäiten deelhuele léisst. Zesumme mat eiser Nopeschgemeng Käl/Téiteng wëlle mer op deem Punkt net labber loossen.
- Syndikat vum T.I.C.E. a RGTR Reseau: E brauch weiderhin eng gutt finanziell Ënnerstëtzung vun der Gemeng.
- Agezeechent Vëlospisten zu Rëmeleng op den Haaptachsen.
- Vëloboxen „MBoxen“ beim Musée, souwéi am Zentrum (bei der Gare a bei der Schoul/Gemeng) a generell méi Ofstellungsméiglechkeete fir de Vëlo.
- Vëloshower beim Musée, um Hutbierg an am Parc municipal.
- Gratis Parking vun 30 Minutte während de Geschäftszäiten: An der Grousstrooss soll en automatesche Bornesystem agefouert ginn dee rout opliicht wann een déi maximal Parkdauer iwwerschreit.
- Vignette: D'Bierger sollen a ganz Rëmeleng mat Ausnam vun der Grousstrooss fräi parke kënnen.
- Den zentralen Ausbau vun Elektrobussen op öffentleche Plazen.
- Camionnetten: Ofsécherung a Revalorisatioun vum Parking bei der Intermoselle mat Vignettesystem fir Camionnetten.
- Ofstellraim fir Vëloen a Kannerkutschen: Iwwert d'Bautereglement soll festgehale ginn dës Punkten an zukünftege Residencë mat anzeplangen. Dës Raim sollen och iwwert d'Rampe gutt zougänglech gemaach ginn.





1.3. Mobilité

- Sensibiliser les conducteurs à ralentir en installant un système de feux tricolores intelligent aux entrées de la ville. Ces feux passent au rouge dès que la vitesse maximale autorisée soit dépassée.
- Installer des feux rouges à la bifurcation rue Nicolas Pletschette/rue des Martyrs.
- Mettre en place des réflecteurs lumineux aux passages piétons.
- Faire pression auprès des CFL et de l'État, afin de remettre un réseau ferroviaire régulier en place, en vue d'atteindre la neutralité climatique prévue en 2050.
- Poursuivre et développer la coopération de nos partenaires de transport TICE et RGTR.
- Envisager des pistes cyclables sur les axes principaux.
- Prévoir des box à vélos « MBoxen » à proximité du Musée des Mines, et au centre. Planifier davantage de stationnement pour vélo dans toute la localité.
- Mettre en place des stations de lavage pour vélos auprès du Musée des Mines, au Hutberg et au parc municipal.
- Installer dans la Grand-Rue des bornes donnant droit à 30 minutes de stationnement gratuit.
- Étendre le droit de stationnement avec vignette résidentielle dans tous les quartiers de Rumelange à l'exception de la Grand-Rue.
- Augmenter le nombre des bornes électriques pour voiture dans les lieux publics.
- Sécuriser et revaloriser le parking pour camionnettes près de l'Intermoselle avec un système de vignette.
- Imposer dans le règlement de bâtisses un local pour vélos et poussettes d'enfants dans les futures résidences.



2. VERÄINER, KULTUR A SPORT

Rëmeleng brauch eng nohalteg an transparent Ënnerstëtzung fir all Veräin, méi Evenementer fir d'Fräizäitsportler a soll d'Kultur promouvéiere fir e bessert Versteesdemech ënnerteneen.

2.1. Veräiner

- Neie Subventiounsschlëssel: D'Veräiner sollen an Zesummenaarbecht mat der Gemeng en neie Subventiounsschlëssel ausschaffen, deen an engem Reglement festgehalten an um Internetsite publizéiert gëtt.
- Veräinsforum: Eemol am Joer soll e Veräinsforum organiséiert gi wou sech d'Gemeng mat de Verrieder vun de Veräiner iwwert d'Infrastruktur, d'Material, déi allgemeng Problemer, d'Subsiden an d'Evenementer austauscht.
- Werbung: Et brauch ee méi Visibilitéit vun de Veräiner um Internetsite souwéi op de soziale Medie vun der Gemeng. Zousätzlech soll eng Brochür jeeweils ëmmer fir d'Schoulreentrée publizéiert gi mat all den Informatiounen iwwert d'Veräiner, hir Evenementer, hir Trainingszäite bzw. d'Prouwe wéi och Kontakter fir Member kënnen ze ginn.
- Memberskaarten: All Kand wat an den Cycle 2.1. geet kritt eemoleg e Reduktiounsbong vun enger Valeur vu 50 Euro wann et Member an engem Veräin wëll ginn.
- D'Material an d'Infrastrukture solle weiderhi gratis de Veräiner zur Verfügung gestallt ginn.
- Kommunikatioun: D'Envergure vun den Investissementer an d'Sport- an d'Veräinsinfrastruktur muss novollzéibar sinn a besser matgedeelt ginn.
- Sicosport: De President vum Sicosport soll onofhängeg sinn a kee Virstandsmandat an engem Veräin am Kayldall hunn.
- Transparenz: D'Procès-verballe vun all Sicosport Sitzung solle fir d'Veräiner ëffentlech zougängelech gemaach ginn.
- Benevolatsfeier: All Bierger, deen déi virgeschriwwe Krittären erfëllt, kritt eng Invitatioun fir op d'Benevolatsfeier. Eemol am Joer sollen dës Leit zesumme bei engem gudde Patt a Maufel fir hir fräiwëlleg Aarbecht gewierdegt ginn.



2.2. Fräizäitport

- Wandertouren: D’Gemeng soll iwwert d’Joer regelméisseg Wandertouren mat verschiddene Schwierigkeetsgraden duerch eis Bëscher organiséieren.
- Vëlosdag fir Grouss a Kleng: Eemol am Joer soll eng Vëlosstreck duerch d’Stroosse vu Rëmeleng en autofräien Dag erméiglechen.
- Guidéiert Mountainbiketouren mat Kenner op de flottste Strecken duerch eis Bëscher solle stattfannen.

2.3. Kultur

- Rëmeleng soll eng „Nuit de la culture“ op d’Bee stelle fir d’Bierger fir d’Kultur ze sensibiliséieren.
- Kalleksiewen: Den Denkmalschutz vun 1988 muss respektéiert ginn an alles muss an d’Weeër geleet gi fir dat kulturellt Iewen an Zesummenaarbecht mam Kultur- an Tourismusministère ze retten. D’Kalleksiewen sollen zum Rëmelenger Geschichtszentrum ginn. Donieft soll eng permanent Ausstellung an hire Räumlechkeeten iwwert eis Rëmelenger Kënschtler (Corrent, Kirscht an Tissen) entstoen.
- Gedenken u schwéier Zäiten: D’Dokumentatioun an d’Recherchen iwwert de Resistenzwee ofschléissen an an dësem Zesummenhang d’Haus an d’Graf um Kierfecht, déi am zweete Weltkrich als Dréckerei a Verstoop gedingt hunn, matanzebezéien.
- Hames Haus: Et muss alles gemaach gi fir dass dat 4,2 Milliounen Euro schwéiert Investissement sech lount. E schlësseg Konzept mat konkreten Informatiounen soll op enger Biergerversammlung presentéiert ginn.
- Themenowender fir Grouss a Kleng iwwert de Klimawandel, d’Ëmwelt, d’Geschicht an d’Technik sollen am Kino ofgehale ginn.
- Finanzbudget fir d’kulturell Fuerderung an der Gemeng.




2. ASSOCIATIONS, **CULTURE** ET SPORT

Les associations de Rumelange ont besoin d'un soutien financier durable et transparent. Rumelange doit se fixer comme objectif d'améliorer le sport de loisir et de promouvoir la culture pour tous.

2.1. Associations

- Élaborer un règlement portant sur les clés de calcul des subsides associatives ensemble avec les associations et le publier sur le site internet communal.
- Organiser annuellement un forum des associations pour discuter sur les infrastructures, les subsides, les activités et toutes autres questions.
- Augmenter la visibilité des associations en créant une section « Vie associative » sur le site internet de la commune. Publier une brochure avec toutes les informations spécifiques des clubs (événements, horaires, contacts).
- Offrir un bon de réduction de 50 euros à chaque enfant du cycle 2.1 en cas de première affiliation dans une association.
- Continuer à mettre le matériel et les infrastructures gratuitement à disposition des associations.
- Rendre l'envergure des investissements réalisés dans les infrastructures sportives et associatives traçable et compréhensible.
- Il est impératif que le président de Sicosport n'ait aucun mandat de direction dans une association sportive du Kayldall.
- Transmettre les procès-verbaux des réunions du Sicosport aux associations concernées.
- Organiser une fête annuelle du bénévolat pour tous les citoyens remplissant certaines conditions prédéfinies.



2.2. Sport de loisirs

- Organiser régulièrement des randonnées pédestres de différents niveaux de difficulté dans les forêts de Rumelange.
- Prévoir une journée du vélo pour petits et grands dans les rues sans voiture dans Rumelange.
- Motiver les fans de VTT de faire des circuits ensemble avec des experts sur les plus beaux itinéraires autour de Rumelange.

2.3. Culture

- Organiser annuellement une « Nuit de la culture » pour sensibiliser les citoyens à la culture.
- Respecter enfin la protection du patrimoine des « Kalleksiewen » et créer ensemble avec les Ministères de la Culture et du Tourisme un Centre d'histoire, pour y mettre en place une exposition permanente d'artistes rumelangeois (Corrent, Kirscht, Tissen).
- Finaliser la documentation et les recherches du sentier de la résistance tout en incluant la maison et le caveau au cimetière qui servaient comme imprimerie et cachette lors de la 2e guerre mondiale.
- Rentabiliser l'investissement de 4,2 millions d'euros dans la « Maison Hames » et travailler sur un concept final pour présenter des informations concrètes lors d'une réunion avec nos citoyens.
- Organiser gratuitement des soirées thématiques au Ciné Kursaal pour un public ciblé, adultes, jeunes, enfants sur le changement climatique, l'environnement, l'histoire, la technologie et autres.
- Mettre à disposition un budget financier pour la demande culturelle de la commune.



3. SCHOUL/JUGEND

Mir setze fir déi nächst sechs Joer op e verbesserten a geuerdnete Schoulwee fir dass eis Kanner sécher an d'Schoul kommen. Donieft soll eis Jugend e politescht Matsproocherecht kréien.

3.1. Schoul/Maison Relais

- E Kiss&Go an der rue des Prés hannert der Gemeng deen zu de Spëttestonne vun engem Agent municipal gereegt gëtt.
- En ausgeschaffent Konzept vum Pedibus endlech unhuelen an ëmsetzen.
- Op den Haaptachse sollen d'Zebrasträifen zu de Spëtzenzäite vu Schülerlotsen iwwerwaacht ginn.
- Nohëllefslëscht „Schüler hëllef Schüler“ op der Gemeng geréieren: Kanner mat schoulesche Schwieregkeete sollen iwwert dëse Wee ganz einfach Nohëllef fannen.
- Erhuelungsraum an eiser Schoul an an der Maison Relais fir dass d'Kanner entspannen, Stress ofbauen an Drock ofloosse kënnen.
- Konzept „Sécher Spillplaz“: Mir schaffen dorobber hin, dass all Spillplaz an eiser Gemeng dëse Sécherheitslabel kritt.
- D'Aféierung vun enger Bëschcrèche: Mir versichen e Konzept auszuschaffen, dass eng Bëschcrèche op Rëmeleng kënnt.
- Ausbau vum „Spill a Spaass“: Mir wëllen de „Spill a Spaass“ weiderhin ënnerstëtzen a souguer ausbauen.

3.2. Jugend

- Jugendgemengerot: An Zesummenaarbecht mam Jugendhaus soll eemol am Joer e Jugendgemengerot mat enger Auswiel vu Jugendlecher an de Membere vum Gemengerot stattfannen.
- Night Rider Kaart déi aktuell en Place ass muss besser promovéiert gi fir dass méi Jugendlecher vun där Offer profitéieren a bequeem a sécher op den Tour kënne goen.
- Subside fir den Interrail: En eemolege Subside soll all deene Jugendlechen, déi volljäreg ginn, fir den Interrail zoustoen.
- A regelméissegen Ofstänn Coursen ubidden, wéi z.B. Éischt Hëllef Babycoursen, Babysitter Coursen a Course fir sech op d'Aarbechtswelt ze preparéieren.
- Stagen a Vakanzjobs solle weiderhin fir déi Rëmelenger Jugend iwwert d'Gemeng ausgebaut an erméiglecht ginn.
- Aféierung vun engem Jugenddësch: A regelméissegen Ofstänn soll eng Jugendronn zesummekommen, déi sech aus Verrieder vun der Schoul, der Maison Relais, dem Jugendhaus an dem „Outreach Service Rëmeleng“ zesummesetzt an e Point iwwert d'Situatioun vun deene Jonken zu Rëmeleng mécht.
- Accessibilitéit vum Jugendhaus: D'Jugendhaus muss accessibel si fir Leit déi eng Behënnerung hunn. Mir wëllen an deem Kontext eng Léisung ausschaffen.
- D'Jugendhaus an den „Outreach Service“: Mir wëllen d' Strukturen an den Encadrement vun eise Jugendlechen nach méi professionaliséieren an d'Jugendpolitik an eiser Gemeng nach besser fërderen. D'Ariichtungen an d'Initiative fir d'Jugend wëlle mir volontaristesche, participativ an empathesch virubringen. Mir versichen déi lokal Offer fir déi Jugendlecher zu Rëmeleng weider auszubauen an nach méi attraktiv ze maachen. Dobäi leeë mir e besonnesche Stellwäert op déi psychologesch a sozial Betreierung vun eise Jugendlechen.

3. ÉCOLE / JEUNESSE

Pour les six prochaines années, nous travaillons à établir un chemin scolaire amélioré et régulé afin que nos enfants puissent arriver à l'école en toute sécurité. De plus, les jeunes devraient pouvoir s'exprimer politiquement à Rumelange.

3.1. École / Maison Relais

- Mettre en place un « Kiss&Go » dans la rue des Prés derrière la mairie surveillé par un agent communal aux heures de pointe.
- Adopter et appliquer enfin le concept élaboré du Pédibus.
- Surveiller les passages piétons situés sur les axes principaux par des responsables municipaux aux heures de pointe.
- Établir une liste de soutien scolaire, « les élèves aident les élèves » pour remédier aux difficultés scolaires des enfants.
- Installer des salles de repos à l'école et la Maison Relais pour que les enfants puissent se détendre.
- Faire des efforts pour acquérir le label « Aire de jeux sécurisée » pour toutes les aires des jeux de la commune.
- Implanter une crèche forestière sur le territoire de notre commune.
- Développer l'action du « Spill a Spaass »

3.2 Jeunesse

- Mettre en place un conseil communal des jeunes en collaboration avec la Maison des jeunes (« Jugendhaus »).
- Promouvoir la carte « Night Rider » auprès des jeunes de 16 à 26 ans et en leur accordant une réduction tarifaire, leur offrir plus de mobilité en soirée.
- Accorder une subvention unique pour l'« Interrail » à tous les jeunes le jour de leur majorité.
- Proposer régulièrement des cours de premiers secours, de baby-sitter et de préparation au monde du travail.
- Continuer d'offrir des stages et des emplois étudiants.
- Mettre annuellement en place une table ronde des jeunes se composant de représentants de l'école, de la Maison Relais, de la maison des jeunes (« Jugendhaus ») et du service « Outreach Rëmeleng ».
- Rendre la maison des jeunes accessible aux personnes handicapées.
- Soutenir la maison des jeunes (« Jugendhaus ») et le service « Outreach Rëmeleng » pour leur donner la possibilité d'avancer dans le professionnalisme nécessaire dans ce domaine. Nous attachons une importance particulière à la prise en charge psychologique et sociale de nos jeunes.



4. DRËTTEN ALTER

Rëmeleng brauch méi Seniorewunnengen am Zentrum, seniorespezifesch Déngscht- leeschtungen, e Plan communal senior, gemeinsam Wunnpartnerschaften an e Generatiouns Austausch.

- Seniorewunnenge matten am Zentrum: Duerch de Bau vu Seniorewunnenge matten am Zentrum wëlle mir d'Senioren ënnerstëtzen sech weider an der Gesellschaft z'engagéieren an um ëffentleche Liewen deelzehuelen.
- Gemeinsam Wunnpartnerschaften: Eidelstoend Wunnengen, déi ofgenotzt oder gutt bewunnbar sinn, lounen oder kafen an no eventuell néideger Sanéierung temporär u Persoune weider verlounen, déi dës Wunneng fir en intergenerationellt Wunnen notzen. Mir wëlle soumat eng intergenerationell Solidaritéitsperspektiv sécherstellen an d'Ënnerbréngungsméiglechkeete vun de Senioren eropsetzen.
- Kollektiivt Zesummeliewen: D'Wunnpartner liewen net nëmmen zesummen, si hëllefen een deem aneren, sief et bei den Hausaarbechten oder beim Akafen oder sief et beim Erleedege vum Pabeierkrom.
- Plan communal senior: Mam Ausschaffe vun engem „Plan communal senior“ ermëttelt d'Gemeng d'Bedürfnisser vun hiren eelere Leit a kann hir Aktiounen deementspreechend organiséieren.
- D'Clubhaus Sauerwiesen, d'Asbl „Minettsland“ an d'ALA (Association Luxembourg Alzheimer) mussen weiderhin ënnerstëtzt ginn.
- Intergenerationell Charta a Noperschaftsflieg: Mir wëlle géint d'Diskriminatioun vum Alter méttels enger intergeneratioueller Charta virgoen. D'Noperschaftsflieg soll aktiv an der Gemeng promovéiert ginn.
- D'Ubidde vun engem intergeneratiouelle Fräizäitprogramm an en Austausch vu Generatiounen duerch e kollektiivt Mateneen, Stéchwuert Wonschgrousselteren: Benevole Grousselteren treffe sech reegelméisseg mat hiren „Enkelkanner“ op enger spezifescher Plaz fir zesummen ze spillen, ze bastelen oder Geschichten ze erzielen.
- Projet Senioren als Naturcoach: Fräiwëlleg naturverbonne Senioren droen zur Natur- an Ëmwelterzéiung vun eise Kanner bäi. Eis Naturcoache léieren eis Kanner sënnvoll mat der Natur ëmzagoen: Wëllkräider sammelen, iessbar Liewensmëttel déi wëll an der Natur wuessen, d'Kenntnisse vun de Planzen- a Bamaarten asw.
- Reduzéiert Mobilitéit: All Gemengeninfrastruktur soll accessibel si fir Leit mat enger reduzéierter Mobilitéit. Donieft brauch een eng alters- a behënnertegerecht Gestaltung vun alle Foussweeër mat méi Bänken.
- Den Zougang zu universellen Déngschtleeschtungen wéi Bankeservicer a Postservicer muss sou pragmatesch wéi et nëmme geet am Sënn vun eisen eelere Matbierger oprecht erhalen bleiwen.
- D'Altersheem muss 2025 erëm opgoen esou wéi dat de Bierger versprach gouf.
- Aner Initiativen: d'Ubidde vun engem Mëttesdësch mat lokale Restaurants bzw. mam Clubhaus Sauerwiesen; Aféierung an nei Technologien, Opklärung iwwert Gesondheetsthemen, de Konsumenteschutz a präventiv Sensibiliséierungsarbecht géigeniwwer Cyberattacken an Enkeltricks.



4. TROISIÈME ÂGE

Rumelange a besoin de plus de logements et de services spécifiques pour les personnes âgées, d'un plan communal senior, de communautés d'habitation et d'un échange intergénérationnel.

- Construire des résidences pour personnes âgées au centre-ville, et aider les seniors ainsi à participer à la vie publique.
- Créer des communautés d'habitation : louer ou acheter des appartements et maison vides, vétustes ou bien habitables et - après le cas échéant des rénovations nécessaires - les louer temporairement à des personnes qui les utilisent pour vivre de façon intergénérationnelle. De cette manière, nous souhaitons assurer une perspective de solidarité intergénérationnelle et augmenter les possibilités d'hébergement pour seniors.
- Promouvoir la cohabitation collective : via ce concept, les partenaires d'habitation, à côté de vivre ensemble, peuvent se soutenir, que ce soit pour le ménage, les courses, sortir les déchets etc.
- Rédiger un plan communal senior : celui-ci permet de déterminer les besoins des personnes âgées et de prendre les mesures nécessaires.
- Continuer à soutenir le Clubhaus Sauerwiesen, l'asbl « Minettsland » et l'ALA (Association Luxembourg Alzheimer).
- Lutter contre la discrimination des personnes âgées en mettant en place une charte intergénérationnelle.
- Proposer un programme de loisirs intergénérationnel et un échange de générations à travers une collaboration collective, les grands-parents bénévoles se réunissent régulièrement avec leurs dits « petits-enfants » pour jouer ensemble, bricoler ou raconter des histoires.
- Inciter les seniors d'être des coachs de la nature. Nos coachs de la nature apprennent aux enfants à utiliser la nature de manière judicieuse : cueillette d'herbes sauvages, connaissances d'aliments comestibles qui poussent à l'état sauvage, connaissance des espèces de plantes et d'arbres, etc.
- Mettre toutes les infrastructures municipales accessibles aux personnes à mobilité réduite. De plus, il est nécessaire de concevoir tous les sentiers de manière adaptée à l'âge et aux personnes handicapées et d'y installer des bancs.
- L'accès aux services universels tels que les services bancaires et postaux doit être accessible de la manière la plus pragmatique possible à nos concitoyens âgés.
- La maison de retraite doit rouvrir en 2025 comme promis aux citoyens.
- Autres initiatives : organiser régulièrement un « Mëttesdësch » avec des restaurants locaux ou avec le Clubhaus Sauerwisen; l'initiation aux nouvelles technologies, l'information sur les questions de santé, la protection des consommateurs et le travail de sensibilisation contre les cyberattaques.



5. SOZIALES, INTEGRATIOUN AN INCLUSIOUN

Integratioun an Inclusioun si fir ons prioritär Beräicher vum kommunalen Zesummeliewen. Mir sti fir e Rëmeleng fir jiddereen a mateneen.

- Aféierung vun enger Epicerie sociale: Mir wëlle Lokalitéite fir e soziale Buttek („Maison solidaire“) zur Verfügung stellen. Dëst an Zesummenaarbecht mat der Caritas, der Croix-Rouge an der Aarbeschthëllef asbl.
- Ausbau a besser Visibilitéit vum Office social: Déi extern Kommunikatioun vum Office social soll duerch Flyeren an digital Supporte verbessert ginn. Eng besser Koordinatioun tëscht der Gemengeverwaltung an dem Office social soll ugestriift ginn.
- Eng zousätzlech Primm d'Allocation à la vie chère nieft där déi de Staat bezilt soll vun der Gemeng dobäikommen an iwweholl ginn.
- D'Zuel vun de Sozialwunnengen, déi vun der Gemeng aus verwalt ginn, soll eropgesat ginn. Mir wëllen dofir suergen, dass behënnertegerecht Gemengewunnenge souwéi och där fir Groussfamilljen ugebuede ginn.
- E Klima vu gudder Noperschaft ënnerstëtzen: Mir wëllen d'Leit aktiv zesummebréngen a si urrege fir sech géigesäiteg auszetauschen. An deem Kontext wëlle mir deementspreechend Initiativen ënnerstëtzen, e.a. de Pakt vum Zesummeliewen an d'Noperschaftsapp HOPLR.
- E reegelméisseg Sproochenatelier an der Maison Penning organiséieren: Dëst a Form vun engem Café de Babbel (Sproochecafé) mat Diskussionsronnen ob verschiddenen Dëscher mat enger festgeluechter Sprooch oder a Form vun engem Bicher-/Liesclub a verschiddene Sproochen.
- Lëtzebuergesch a Franséisch Coursen ubidden.
- Eng Lëscht vun Interpreten als Gemeng zur Verfügung stellen: Am Fall vu sproochlechen Onstëmmegkeete stellt d'Gemeng en Interpret zur Verfügung fir dass d'Leit bei hiren administrativen Demarchë gehollef kréien.
- E „Plan communal handicap“ soll zu Rëmeleng zesumme mat de Bierger ausgeschafft ginn. Dobäi sollen d'Schwaachstelle fonnt a behewe gi vun den ëffentleche Gebaier a vum ëffentleche Raum.
- De gesetzleche Minimum vu 5% beim Astelle vum Gemengepersonal vu Salariéë mat enger Behënnerung soll berécksiichtegt ginn.
- Déi kommunal Informatiounspolitik vun der Gemeng soll fir Leit mat enger Behënnerung verbessert ginn (Label „Leichte Sprache“, Brailleschrëft, Zeechesprooch, méi visibel Piktogrammer).
- Organisatioun vun engem Europadagfest am Parc Fenderie fir déi oppe Grenzen an Europa ze wierdegen.




5. QUESTIONS SOCIALES, INTÉGRATION ET INCLUSION

L'intégration et l'inclusion sont pour nous des domaines prioritaires de la vie communautaire. Nous défendons une vie pour tous.

- Mettre en place une épicerie sociale : nous souhaitons mettre à disposition un local pour l'établissement d'une épicerie sociale (« Maison solidaire »), en collaboration avec Caritas, la Croix-Rouge et « Arbeschtshëllef asbl ».
- Donner une meilleure visibilité de l'Office social : la communication externe de l'Office social devrait être améliorée via des flyers et des supports numériques. Une meilleure coordination entre l'administration communale et l'Office social doit être rétablie.
- Payer une prime d'allocation à la vie chère supplémentaire à celle payée par l'Etat.
- Augmenter le nombre de logements sociaux gérés par la commune. Nous voulons nous assurer que ces logements sont adaptés aux personnes à mobilité réduite, ainsi qu'aux familles nombreuses.
- Soutenir une bonne ambiance de voisinage : nous voulons activement rassembler les gens et les encourager à s'échanger entre eux. Dans ce contexte, nous voulons soutenir les initiatives telle que le pacte de coexistence et l'application numérique HOPLR.
- Organiser régulièrement un atelier de langue à la Maison Penning : cet atelier sera organisé sous forme d'un Café de Babel avec des tables rondes dans différentes langues ou un club livre/lecture.
- Proposer des cours de luxembourgeois et de français.
- Fournir une liste d'interprètes. En cas de désaccord linguistique, la mairie met à disposition un interprète pour aider les personnes dans leurs démarches administratives.
- Élaborer un plan communal de handicap à Rumelange, ensemble avec les citoyens. Ce faisant, les points faibles doivent être trouvés dans les bâtiments publics et dans l'espace public afin de pouvoir les corriger.
- Embaucher le minimum légal de 5% d'employés handicapés.
- Améliorer la politique d'information communale au profit des personnes handicapées (label « Leichte Sprache », langue braille, langue des signes, pictogrammes plus visibles).
- Organiser une fête de la journée de l'Europe (« Europadagfest ») au Parc Fenderie pour honorer les frontières ouvertes en Europe.

ENTREE
POUR PERSONNE
A MOBILITE
REDUITE



6. ËMWELT- A KLIMAWANDEL

Eis Gemeng mécht am Moment ganz wéineg fir eis Natur- an Ëmwelt ze schützen. Donieft gëtt um Niveau vun der Resilienz géint de Klimawandel net vill ënnerholl. Et muss Schluss si mat dëser katastrophaler an ignoranter Politik géigeniwwer der gréissten Erausforderung a Gefor fir d' Liewen op dëser Äerd. Déi nächst 6 Joer mussen hei Neel mat Käpp gemaach ginn. Mir wäerte vill Kraaft an Energie vun eisem Ëmweltservice verlaangen. Eis Kanner sollen och nach eng Zukunft op dësem Planéit hunn.

- Illegal Deponie vun Offall um Territoire vun der Gemeng muss staark bestrooft ginn.
- De Prinzip vum Pollueur-payeur muss endlech no 10 Joer agefouert ginn.
- All Beliichtung vun öffentleche Gebaier soll ab 22h00 ganz ausgeschalt ginn.
- Green Events: D'Gemeng setzt de Kader fir Fester mat Null-Offall ze erméiglechen.
- Antigaspi Frigo dee fir all Bierger zougänglech ass.
- Repair Café: Hei sollen d'Bierger hir futtis Apparater gratis gefléckt kréien am Sënn vun der Kreeslafwirtschaft.
- Lokal Initiativen am Beräich Géigesteiere vun der Verschwendung vun de Ressourcë sollen ënnerstëtzt ginn, wei d'Organisatioun vun engem Vide grenier oder Workshopen am Upcycling.
- Andämmung vun der Liichtverschmutzung duerch e smarten LED Luuchtesystem um ganze kommunalen Terrain.
- Ausschaffen vun engem kommunalen Reglement dat Bähëllefe fir d'Energieeffizienz ze fuerdere festleet: Bähëllefe fir Solar- a Photovoltaik Anlagen, fir d'Sanéierung bei Albauten, fir de Kaf vun elektreschen Geräter mat der Energieeffizienzklass A, a fir energieeffizient Heizungen.
- Gestaffelte Waasserpräis deen den iwwerproportionale Waasserverbrauch bestrooft.
- Refill Statioune mat Krunnewaasser op der Gemengeplaz, beim Musée des Mines, am Parc municipal an am Schoulhaff aféieren.
- Gratis Krunnewaasser op de Fester déi vun der Gemeng organiséiert ginn ubidden.
- E System fir d'Waasser opzefänke fir eise Service jardinage aféiere fir dass d' Planzen net musse mat Dréinkwaasser genätzt ginn.
- Den 10km Teller: D'Gemeng sensibiliséiert d'Restauranten an d' Cafée fir en 10km Teller op hir Iesskaart ze setzen. Deen Teller dierf nëmmen aus lokale Produiten déi am Ëmkrees vun 10km ugeplantz respektiv geziicht gi bestoen.
- E Klimaupassungskonzept fir eis Bierger op Wiederextreemer virzebereeden.
- Eng Klimaschutzstrategie wou festgehale gëtt wéi vill Ressourcë mir iwwert eng gewëssen Zäitspan duerch konkret Moosnamen aspieren wëllen.
- Bättrëtt zum Klimabündnis: Als eng vun de leschte Südgemengen ass et un der Zäit dësem Bündnis bäizetrieden.
- Klimapakt: Et geet net duer Member ze sinn, mee mir mussen och um Terrain aktiv ginn. Dofir striewen mir d'Selwertifizierung an den nächsten Joren un. Am Moment huet Rëmeleng keng Zertifizierung.
- Naturpakt: Mir sinn dem Naturpakt am Joer 2022 bäigetrueden. Et soll awer net bei blousser Symbolikpolitik bleiwen, mee et soll konkret geschafft gi fir eng gutt Zertifizierung ze kréien.



6. CHANGEMENT ENVIRONNEMENTAL ET CLIMATIQUE

La commune de Rumelange fait actuellement très peu au niveau de la protection de la nature et de l'environnement. De plus, peu de choses sont faites au niveau de la résilience face au changement climatique. Il convient de mettre fin à cette politique catastrophique et ignorante face au plus grand défi et danger pour les êtres vivants sur cette terre. Il faut changer radicalement de politique dans ce domaine. Nous demanderons beaucoup d'énergie à notre service communale de l'environnement. Nos enfants doivent avoir un avenir sur cette planète.

- Sanctionner fortement le dépôt illégal de déchets sur le territoire de la commune.
- Introduire le principe du pollueur-payeur après 10 ans de non-conformité à la loi du 2012 sur les déchets.
- Éteindre les éclairages des bâtiments publics à partir de 22h00.
- Mettre le cadre vert en place pour permettre des festivités sans aucun déchet.
- Installer un réfrigérateur Antigasp accessible à tous les citoyens.
- Organiser un Repair Café pour donner gratuitement une deuxième vie aux appareils dans l'esprit de l'économie circulaire.
- Donner la priorité à la réduction du gaspillage des ressources, en organisant par exemple des vides greniers ou des ateliers d'upcycling.
- Réduire la pollution lumineuse grâce à un système d'éclairage intelligent LED sur l'ensemble du terrain communal.
- Accorder des subventions pour promouvoir l'efficacité énergétique : subventions pour les systèmes solaires et photovoltaïques, pour la rénovation de vieux bâtiments, pour l'achat d'appareils électriques de classe d'efficacité énergétique A et pour les appareils de chauffage économes en énergie.
- Échelonner la tarification de la consommation d'eau pour éviter le gaspillage.
- Installer des bornes de ravitaillement en eau de robinet sur la place communale, à proximité du Musée des Mines, dans le parc communal et dans la cour de l'école.
- Prévoir la gratuité d'eau de robinet lors des festivités organisées par la commune.
- Mettre en place un système de collecte d'eau pluviale pour notre service jardinage.
- Sensibiliser les restaurateurs de proposer une « assiette 10km ». Cette assiette ne peut être constituée que de produits locaux qui ont été plantés ou cultivés dans un rayon de 10 km.
- Préparer un concept d'adaptation au changement climatique pour sensibiliser nos citoyens aux phénomènes météorologiques extrêmes.
- Présenter une stratégie de protection du climat en nous donnant des objectifs de gains de ressources à respecter.
- Rejoindre l'Éducation au Développement durable (« Klima-Bündnis Lëtzebuerg ») : Rumelange est l'une des dernières communes du sud du pays n'ayant pas rejoint ce partenariat.
- Acquérir une certification argent au Pacte Climat (« Klimapakt ») : il ne suffit pas d'être membre, il faut aussi être actif sur le terrain.
- Faire un travail concret au « Naturpakt » pour obtenir une bonne certification : Rumelange a intégré le « Naturpakt » en 2022.



7. HANDEL, **HANDWIERK** AN **TOURISMUS**

Nieft staarke Veräiner brauch e liewegt Rëmeleng Geschäfte, Handwierksbetriber an Tourismus. Rëmeleng konnt laang senge Bierger vill Servicer ubidde mee ass aktuell Affer vum Käschtendrock an der Digitalisatioun. Innovativ a couragéiert Iddie mussen erbäi fir eis Geschäftswelt um Liewen ze halen.

7.1. Handel

- Masterplang 2035 fir de lokalen Handel am Duerfzentrum: Zesumme mat eise Geschäftsleit, mat Experten am Handel an an der Mobilitéit douce, de Bierger an enger externer Beroderfirma muss e Plang ausgeschafft gi fir eng attraktiv Akafsstrooss an eng nei Form vun Handel z'entwéckelen.
- Shared Space vun der Kierch bis bei de Rond-point: Mir hunn de Courage dee Projet virunzedreiwien.
- Audiovisuell Fënster: D'Gemeng sponsert eemol am Joer e Video vun enger Minutt fir 4 Geschäfte déi per Auslousung gezu ginn. Hei kënnen si sech virstellen. D'Videoe ginn um Internetsite an op de soziale Medie vun der Gemeng publizéiert.
- Pop-up Store: D'Gemeng soll an Zesummenaarbecht mat de Besëtzer vun eidelstoende Geschäftsfläche en attraktiivt Lounkonzept ausschaffe fir kuerzfristeg „Pop-up stores“ unzezéien an der Hoffnung, dass se sech laangfristeg zu Rëmeleng etabléieren.

7.2. Handwerk

- Jobbourse vun de Rëmelenger Betriber: Hei solle Jonk an Al d'Méiglechkeet kréien eis Betriber kennenzeléieren, Studentenjobben an Aarbechtsplazen ze fannen.
- Subside fir Handwierksdiplomer vu Rëmelenger: Den Ofschloss vun enger Meeschterprüfung ass ganz vill Wäert fir eis Ekonomie an dat muss weiderhi finanziell vun der Gemeng belount ginn.
- Dag vun den oppenen Dieren: D'Klassen aus dem Cycle 4.2. sollen eis Rëmelenger Betriber eemol am Joer besichen an sech e Bild vun der Aarbechtswelt maachen.
- Eng permanent Expositioun iwwert d' Handwierksliewen zu Rëmeleng soll opgemaach ginn.

7.3. Tourismus

- D'Gonner Haus: sozial Präisser fir Einzelpersonen oder Koppelen.
- Stellplaze fir Camper beim Musée.
- E Marketingkonzept fir de Wander- a Mountainbikestourismus: Rëmeleng ass ideal fir dës Zorte vun Tourismus, dofir muss eis Stad op d' Landkaart vun de Wander- a Mountainbikesdestinatiounen.



7. COMMERCE, ARTISANAT ET TOURISME

Pour redevenir une ville vivante, Rumelange doit avoir des commerces variés et des entreprises artisanales attractives et promouvoir le tourisme. La ville a longtemps été en mesure d'offrir aux citoyens de nombreux services, mais est actuellement victime de la pression des coûts et de la numérisation. Des idées innovantes et intelligentes sont nécessaires pour sauver notre monde commercial.

7.1. Commerce

- Élaborer avec tous les concernés (propriétaires, commerçants, experts, citoyens...) un Plan directeur 2035 pour le commerce de proximité pour aménager une rue commerçante attractive au centre-ville.
- Aménager un Shared Space de l'église au rond-point.
- Offrir une vitrine audiovisuelle, une fois par an, à un nombre défini de commerçants de notre ville. Ces vidéos seront publiées sur le site internet et les réseaux sociaux de la mairie.
- Motiver les propriétaires de locaux commerciaux vides de les louer à court terme aux « Pop-up Store » dans l'espoir qu'ils s'établiront à Rumelange à long terme.

7.2. Artisanat

- Faire découvrir aux citoyens dans un salon de l'emploi (job bourse) nos entreprises locales) et promouvoir ainsi les jobs étudiants et les postes de travail disponibles.
- Continuer à accorder une subvention de motivation aux artisans pour les diplômes de maîtrise qui sont très précieux pour notre économie.
- Organiser pour les élèves du cycle 4.2. une journée porte ouverte dans les commerces et entreprises de Rumelange.
- Installer une exposition permanente sur l'artisanat à Rumelange.

7.3. Tourisme

- Réduire le prix de location de la maison Gonner pour les personnes seules et couples.
- Prévoir des emplacements pour Mobilcar aux environs du Musée des Mines.
- Lancer un Concept marketing pour le tourisme de randonnée et de VTT. Notre belle nature est prédestinée pour ce type de tourisme.



8. GEMENGEVERWALTUNG

Römeleng brauch Verännerungen an der Gemengeverwaltung um Niveau vum Personal, de Prozeduren, de Reglementer an der Kontroll.

- Personalpolitik: D'Leit müssen no Kompetenzen agestallt ginn. Dofir plädéiere mir fir d'Astellung vun engem Ekonomist (A1), Jurist (A1) an engem Ëmwelt- a Ressourcëmanager (A1) fir de kommenden Erausfuerderunge gerecht ze ginn.
- En Organigramm vum Personal, deen all Bierger consultéiere kann.
- E „Service financier“ mat folgenden Aufgaben :
 - ➔ Opstelle vun engem nohaltege Budget fir eng stabil, gesond a laangfristeg Finanzlag ze garantéieren,
 - ➔ Permanent Budgetskontroll,
 - ➔ Ausschaffe vun europäeschen an nationale Subventionsméiglechkeete fir d'Gemengeprojeten,
 - ➔ effizient Finanzéierungspläng bei Gemengeninvestissementer ausschaffen.
- Legalitéit: All al Reglementer müssen iwwerpréift ginn an all feelend a scho laang gefuerdert Reglementer müssen op den Instanzewee.
- Öffnungszäiten: Verschidde Servicer am administrative Beräich müssen an d' Zukunft eemol d'Woch bis 19 Auer ophunn.
- Reaktivitéit: All Demande un d'Gemeng muss duerch en Accusé de reception bestätegt ginn.
- Charte de Deontologie: De Gemengerot muss eng Charte de Deontologie opstelle fir seng Membere wéi och fir d'Gemengepersonal.

8. ADMINISTRATION COMMUNALE

L'administration communale de Rumelange doit évaluer en termes de personnel, de procédures, de règlements et de contrôle.

- Recruter le personnel en fonction de ses compétences. Préconiser l'embauche d'une carrière supérieure (A1) (économiste, juriste, gestionnaire de l'environnement et des ressources) pour relever les défis à venir.
- Établir un Organigramme du personnel que chaque citoyen peut consulter.
- Mettre en place un « service financier » ayant les missions suivantes :
 - ➔ Établir un budget durable pour garantir une situation financière stable et saine,
 - ➔ Contrôler l'évolution budgétaire en permanence,
 - ➔ Exploiter toutes les opportunités de subventions européennes et nationales pour des projets municipaux,
 - ➔ Élaborer des plans de financement efficaces pour les grands investissements.
- Revoir ou rédiger les règlements communaux existants ou manquants pour avoir les bonnes bases légales.
- Prolonger les horaires d'ouverture de certains services administratifs une fois par semaine jusqu'à 19h.
- Confirmer chaque demande adressée à la mairie par un accusé de réception dans un délai raisonnable.
- Établir un Code de déontologie pour les membres du conseil communal ainsi que pour le personnel.

9. ENG BIERGERNO GEMENG

Mir sti fir kuerz Weeër ouni iwwarméisseg Bürokratie, mënschlecht Mateneen, e participatiivt Rëmeleng dat modern a no beim Bierger ass.

- D'Consultatioun vum Bierger: Iwwert déi wesentlech kommunal Projete soll mat de Rëmelenger diskutéiert ginn. Mir sti fir méi öffentlech Versammlungen, Biergerforumen, d'Notzung vu Soziale Medien an d'Schafung vun enger Ulafsstell, déi d'Reklamatiounen an d'Virschléi vun de Bierger ophëlt.
- D'Aféierung vun engem „Guichet unique“: E soll de Bierger bei allen administrativen Demarchen zur Säit stoe mat engem besonnesche Fokus op eis auslännesch an eeler Matbierger.
- D'Digitaliséierung: Iwwert den digitale Wee wëlle mir e besseren Zougang op déi kommunal Servicer sécherstellen a fir méi Transparenz an de Prozedure suergen. D'Elaboratioun vun enger Gemengemapp an en aktualiséierten Internetsite sollen eis dobäi hëllefen.
- Eng elektronesch Informatiounstafel mat allen Informatiounen a Manifestatiounen am Zentrum opriichten.
- E reegelméisseg Zesummekomme vun de Kommissiounen: Op d'mannst all dräi Méint sollen déi ënnerschiddlech Kommissiounen vun der Gemeng beieneekommen.
- D'Opmaache vun eise Plazen an deene verschiddene Kommissiounen fir net aktiv politesch Bierger: An der haiteger Gesellschaft geet eng reng formal demokratesch Representatioun net méi duer. Dofir wäert d'CSV Rëmeleng hir Kommissiounsplazen och weiderhi mat interesséierte Bierger besetzen, déi net politesch aktiv engagéiert sinn.
- E Procès-verbal vun all Sitzung kréien: All Member vun enger Gemengekommissioun soll en obligatoresche Bericht vun all Sitzung vun der entsprecher Kommissioun kréien.
- Eng Begréissungsmapp fir all neie Matbierger: Beim Umellen als neie Bierger op der Gemeng soll een eng Begréissungsmapp kréien, déi all wichteg Informatiounen iwwert Rëmeleng enthält.



9. UNE COMMUNE PROCHE DES CITOYENS

Nous souhaitons établir une administration des voies courtes sans bureaucratie excessive, une meilleure cohabitation humaine, un système participatif moderne et proche du citoyen.

- Discuter les projets communaux essentiels ensemble avec les habitants de Rumelange. Créer un point d'accueil pour traiter les plaintes et les suggestions des citoyens.
- Mettre en place un « guichet unique » qui accompagne les citoyens dans toutes les démarches administratives avec un accent particulier sur nos concitoyens étrangers et âgés.
- Favoriser un meilleur accès aux services communaux via la voie numérique et assurer plus de transparence dans les démarches administratives. Le développement d'une application numérique municipale et un site Web mis à jour devrait favoriser ce projet.
- Mettre en place un panneau d'information électronique au centre de Rumelange qui reprend toutes les informations et événements.
- Convoquer les commissions consultatives régulièrement et ce au moins tous les trois mois.
- Donner la possibilité aux citoyens non actifs dans la vie politique d'occuper des postes dans les commissions. Nous sommes d'avis qu'une représentation démocratique purement formelle ne suffit plus. Par conséquent, le CSV Rumelange continue à pourvoir ses postes de commission avec des citoyens intéressés qui ne sont pas activement engagés dans la vie politique.
- Recevoir un procès-verbal de chaque réunion : chaque membre d'une commission communale doit recevoir un procès-verbal de chaque réunion de la commission correspondante.
- Donner un dossier de bienvenue pour tous les nouveaux résidents lors de leur inscription auprès de la mairie qui contient toutes les informations essentielles sur Rumelange.



10. SÉCHERHEET, HËLLEF A GESONDHEET

D'Uerdnung an d'Sécherheet gehéieren zu den Uraufgabe vun enger Gemeng. Am haitege Kontext gëtt et ëmmer méi schwéier dëser Aufgab nozekommen an dofir brauche mir Léisungen. Donieft brauch et méi Sensibiliséierungs- a Weiterbildungscoursen am Beräich éischt Hëllef a Gesondheet.

10.1. Sécher liewen zu Rëmeleng

- E Finaliséiere vum Policereglement fir d'Erweiderung vun de Kompetenze vum Agent municipal ze definéieren soll vollzu ginn.
- Mir wëllen e Projet „voisins vigilants“ fir eis Wunnquartieren ausschaffe fir géint all Zort vu Kriminalitéit virzegoen.
- Mir wëllen eis staark maache fir méi Policepresenz a méi Policebeamten an de Kayldall ze kréien.
- E Mediateur de voisinage soll zu Rëmeleng agefouert gi fir bei Streidereien tëscht den Noperen ze schlichten.
- Den ëffentleche Raum schützen: Kaméidi an Ëmweltverschmutzung solle méi haart bestrooft ginn.

10.2. Hëllef a Gesondheet

- Den Noutfallplang mat Abezéiung vun engem Plan canicule soll iwwerschaaft ginn.
- Weiterbildungscoursen vun der éischter Hëllef solle regelméisseg zu Rëmeleng stattfannen.
- Sensibiliséierungsdeeg: Workshope fir Gewalt- a Gesondheitspreventioun sollen zu Rëmeleng organiséiert ginn.



10. SÛRETÉ, SÉCURITÉ ET SANTÉ

L'ordre et la sécurité font partie des tâches essentielles d'une commune. Actuellement, il devient de plus en plus difficile de remplir cette tâche. Nous avons donc besoin de solutions. En outre, il est nécessaire de multiplier les cours de sensibilisation et de formation continue dans le domaine des premiers secours et de la santé.

10.1. La vie en toute sécurité à Rumelange

- Finaliser enfin le règlement de police pour définir l'extension des compétences de l'agent communal.
- Créer un projet « voisins vigilants » pour nos quartiers d'habitation afin de lutter contre tous types de délinquance.
- Demander l'augmentation de l'effectif des agents de police pour garantir plus de présence sur le terrain.
- Mettre en place un « médiateur de voisinage » pour régler les différends entre voisins.
- Protéger l'espace public contre les nuisances sonores et environnementales et fixer des amendes y afférentes.

10.2. Assistance et santé

- Réviser un plan d'urgence et de canicule.
- Organiser régulièrement des cours de formation continue en premier secours.
- Proposer des journées de sensibilisation sur la violence et la santé.



WÉI WIELEN ECH RICHTEG ?

COMMENT VOTER CORRECTEMENT ?

Dir hutt 11 Stëmmen. Entweder dir kräizt eng Lëscht un (dann kritt all Kandidat vun der Lëscht eng Stëmm) oder dir verdeelt är eelef Stëmmen op eenzel Kandidaten, dobäi kennt dir engem Kandidat jeeeweils zwou Stëmme ginn. Eis Lëscht 4 setzt sech aus 5 Fraen a 6 Männer zesummen. Mir bieden iech ëm är Ënnerstëtzung. Wielt mat ären 11 Stëmme fir d'CSV, d'Lëscht 4. Nëmme mat enger gestärkter CSV kënnen mir Rëmeleng virubrëngen. Dofir: Rëmeleng, trau dech!

Vous pouvez attribuer onze voix. Soit vous noircissez ou cochez la liste en haut dans le cercle prévu à cet effet (vous donnez alors une voix à chaque candidat de la liste), soit vous répartissez vos onze voix entre les différents candidats - un candidat peut recevoir deux voix au maximum. Notre liste est composée de cinq femmes et de six hommes. Nous vous prions de nous soutenir le 11 juin : votez avec vos 11 voix pour le CSV, liste 4. Ce n'est qu'avec un CSV renforcé que nous pourrions faire avancer Rumelange. Alors : Rumelange, réveille-toi !



CSV 



COPETTE JEAN		
DAKKAKI HOUDA		
DZOGOVIĆ ALISA		
HEBISCH JEAN-PIERRE		
LANG-LAUX FRANCINE		
MORAIS NUNO		
SHELINSKY MONIQUE		
SCHLEGEL SAM		
SEYWERT EP. GUTENKAUF KARIN		
THEISEN ANDRÉ		
TINTINGER JÉRÔME		

CSV 



COPETTE JEAN		
DAKKAKI HOUDA	X	
DZOGOVIĆ ALISA	X	X
HEBISCH JEAN-PIERRE	X	
LANG-LAUX FRANCINE	X	
MORAIS NUNO	X	
SHELINSKY MONIQUE	X	
SCHLEGEL SAM	X	
SEYWERT EP. GUTENKAUF KARIN	X	
THEISEN ANDRÉ	X	
TINTINGER JÉRÔME	X	

CSV 



COPETTE JEAN	X	
DAKKAKI HOUDA	X	
DZOGOVIĆ ALISA	X	
HEBISCH JEAN-PIERRE	X	
LANG-LAUX FRANCINE	X	
MORAIS NUNO	X	
SHELINSKY MONIQUE	X	
SCHLEGEL SAM	X	
SEYWERT EP. GUTENKAUF KARIN	X	
THEISEN ANDRÉ	X	
TINTINGER JÉRÔME	X	

ONGELTËG

NON VALIDE!

CSV 



COPETTE JEAN	X	
DAKKAKI HOUDA	X	
DZOGOVIĆ ALISA	X	
HEBISCH JEAN-PIERRE	X	
LANG-LAUX FRANCINE	X	
MORAIS NUNO	X	X
SHELINSKY MONIQUE	X	
SCHLEGEL SAM	X	
SEYWERT EP. GUTENKAUF KARIN	X	
THEISEN ANDRÉ	X	
TINTINGER JÉRÔME	X	

ONGELTËG

NON VALIDE!


MÉI NO. MÉI RÈMELENG.

Eis Kandidate fir d'Gemengewalen 2023

CSV

RÈMELENG

rumelange.csv.lu



LÈSCHT
4



COPETTE Jean



DAKKAKI Houda



DZOGOVIC-
KURTANOVIC Alisa



HEBISCH Jean-Pierre



LANG-LAUX Francine



MORAIS Nuno



SCHELINSKY Monique



SCHLEGEL Sam



SEYWERT ép.
GUTENKAUF Karin



THEISEN André



TINTINGER Jérôme

#TEAMRÈMELENG

RÈMELENG, TRAU DECH!